ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 25/11/2022

Rapport vun der Integratiounskommissioun vum 15.11.2022

Presenzen

Present	Net present
Ruef-Vogt Liselotte (présidente), Asselborn Tanja (secrétaire), Wieditz Gabriele, Fernandes José, Milmeister-Naik Amina, Heinz Joé, Ludwig Patrick, Nathalie Simon-Stammet (membres), Conrad Frank	Moreira Cardoso Carlos, Christiane Eicher-Karier, Graff Yolande, Vosman Joske, Noesen Henri

Punkt 1 Introduction

Punkt 2 Chrëschtmaart

Präsenz Veräiner: Bruzzis, FC Brouch, Bricher Suebelmouken, Bricher Klatzkäpp, Bididu Team Lëtzebuerg, Gaart an Heem

Präsenz Léierpersonal: Schiffmann Véronique, Diederich Julie

Caritas Foyer Marienthal: Baghli Sarah, Lopes Elisa

De Chrëschtmaart fënnt an der Koll a rondrëm d'Koll statt. D'Eisekuchen an de Kaffi ginn an der Koll vum Veräin Gaart an Heem zerwéiert. D'Gedrénks (FC Brouch) gëtt an der Garage verkaf, vun bannen a vu baussen, esou datt d'Leit net nobausse mussen, wann se eppes ze drénken wëllen.

Um Parking hannert der Koll ginn déi 5 Chaleten opgeriicht.

An der Schoul däerf kee Gedrénks oder Iesse verkaf a konsomméiert ginn. D'Léierpersonal wäert de Verkaf vun de Bastelsaachen entweder an der Koll oder am Stäreraum an der Schoul ofhalen. Dëst samschtes vun 16:00-19:00 Auer. Wann elo ze vill Klasse matmaachen a sie sech mussen opdeelen, kann et eventuell och op sonndes erweitert ginn. D'Léierpersonal hëllt d'Proposen mat an d'Cycleversammlungen a seet der Kommissioun Bescheed fir wéi eng Variant sie sech entscheed hunn.

Helperknapp, 25/11/2022

D'Auditioun vun der Museksschoul ass samschtes um 16:00 Auer am Theatersall vun der Schoul. De Concert vun de Schoulkanner kéint fir 18:00 Auer stattfannen.

D'Responsabel vun der Caritas hu folgend Aktivitéite proposéiert, déi sie samschtes kéinten an der Koll ubidden:

- Atelier créatif fir Kanner an Erwuessener
- Animatioun mat 3 Clownen (déi si fir samschtes disponibel)
- Fotobox

Sie kéinten och zesumme mat de Responsabel vun der Caritas aus der Jugendherberg Huelmes zesummeschaffe fir d'Aktivitéiten z'organiséieren. Et besteet och d'Méiglechkeet d'Aktivitéiten déi 2 Deeg ze proposéieren. Sie klären d'Proposen intern an deelen der Integratiounskommissioun hier Décisioun mat.
D'Ufro ass opkomm fir een Transport vum Foyer op Bruch z'organsiéieren. Dëst a Form vum engem Transport hin an zréck oder enger Navette (ähnlech wéi beim Nationalfeierdag). D'Gemeng freet hei een Devis un.

Als Entrée fir de Chrëschtmaart solle Chrëschtbeemecher mat Girlanden opgestallt ginn.

D'Präisslëschte gi vum José per Mail geschéckt. De Flyer gëtt vum leschte Joer adaptéiert an an der Gemeng verdeelt.

Spenden:

1. Beim Foyer Mariendall nofroen, ob sie Material brauchen, d'Liselotte freet no
2. Médecins du monde
3. Catch a smile – Dimmer Fabienne

Wann de Foyer Mariendall Material brauch, gëtt tëschent denen aneren zwou Associatiounen eng vun der Kommissioun erausgesicht.

De Bill Jos soll als Fotograf fir de Chrëschtmaart gefrot ginn.

Et muss nach eng Permission de voirie fir d'Opstelle vun de Panneauen ugefrot ginn.

D'Lëschte fir d'Aschreiwunge vum Horaire fir ze hëllefen ginn och nach verschéckt.

Punkt 3 Soirée de Bienvenue

Fir d'Soirée de bienvenue sinn eng 80 Leit ugemellt.

RDV ass um 18:00 Auer an der Koll zu Bruch.

Et sollen nach Etikette mat de Nimm vun de Membere vun der Kommissioun an dem Gemengerot preparéiert ginn.

Helperknapp, 25/11/2022

D'Powerpointpresentatioun ass op däitsch an op franzéisch. Et gëtt ebenfalls de Video vun der Schoul, de Video zum Thema Sport an eng Slide-Show mat Fotoe presentéiert.

D'Liselotte huet d'Mme Ewelina Spiewak agelueden fir eng polnesch, russesch an ukrainesch Iwwersetzung ze garantéieren.

Punkt 5 GRESIL

De Punkt "GRESIL" gëtt an der nächster Sëtzung duerchgeholl.

Punkt 6 Divers

Fir de Manifestatiounskalenner 2023 gi folgend Manifestatioune vun der Integratiounskommissioun festgehalen:

- Soirée de bienvenue : freides den 17.11.2023 zu Bruch an der Koll
- Chrëschtmaart : de Weekend vum 16. & 17.12.2023 zu Bruch an a rondrëm d'Koll

Déi nächst Reunioun, fënnt **den 13. Dezember 2022 um 20:00 Auer** zu Téinten am Gemengerotssall statt.

Enn vun der Reunioun: 21:40 Auer